



Här Fernand Etgen
Chamberpresident

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2020

Här President,

Esou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, géif ech Iech bidden, folgend dringend parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

RTL meldt geschter Owend, dass den Diesel ëm Hallefnuecht ëm plus 6,8 Cent de Liter an de Bensinn ëm plus 5,3 Cent de Liter an d'Luucht ginn. Donieft geet och de Brennes ëm 1,2 Cent an d'Luucht.


Dobäi haten d'Ministere Gramegna, Turmes an Kersch nach am Dezember 2019 op eng Hausse vun den Akzisen vu bis zu 5 Cent um Liter Diesel a vu bis zu 3 Cent um Bensinn/Liter tëscht Februar an Abrëll 2020 verweisen.

Duerfir wéilte mir folgend Froen un d'Häre Ministere stellen:

- Wéi schlësselt sech dës Hausse genee op (Produktiouns-, Transport-, Verkafskäschten etc.) ?
- Gedenkt d'Regierung, trotz dëser substantieller Hausse vun de Pëtrolspräisser op Hallefnuecht a méigleche weideren Haussen am Zesummenhang mat der Iran-USA-Kris, un der annoncierter Hausse vun den Akzisen vun 3 bis 5 Cent de Liter tëscht Februar an Abrëll 2020 festzehalen?
- Ass d'Regierung net vill méi der Meenung e Moratoire betreffend den Akzisenhausse vu Februar-Abrëll 2020 ze beschléissen?
- Wann net, missten hei net direkt sozial Ausgläichsmoosname getraff ginn? Wa jo, wéi sollten dës Moosnamen ausgesinn?
- Wëll d'Regierung des Weideren, wéi an eiser Motioun vun Dezember gefuerdert, d'Deierungszoulag no uewen upassen?

Le caractère urgent de la question a été reconnu (07.01.2020)

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'R' followed by a 'G' and a vertical line extending downwards from the 'G'.

Gilles Roth
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie et de
l'Aménagement du territoire

Luxembourg, le 13/01/2020

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :

13 JAN. 2020

Service central de législation
Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Question parlementaire n°1661

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1661 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

Le Ministre de l'Énergie,

Claude Turmes

13 JAN. 2020

Äntwert vum Minister fir Energie, Claude Turmes a vum Finanzminister, Pierre Gramegna op d'parlamentaresch Fro N°1661 vum 7. Januar 2020 vum honorabelen Députéierten Gilles Roth

Prinzipiell ass et esou, dass d'Evolutioun vun de Präisser vun den Pëtrolsproduiten op der Pompel duerch d'Evolutioun vun de Käschte vun de Pëtrolieren op där enger Säit, an duerch d'Evolutioun vun den Accisen op där aner Säit, bestëmmt gëtt.

Well sech am Januar 2020 näischt un der Besteuerung vun de Pëtrolsproduiten geännert huet, erkläert sech d'Hausse, op déi den Deputéierte Referenz mécht, eleng duerch déi méi héich Käschte vun den Pëtrolieren.

Déi wichtegst Facteuren, déi an dësem Zesummenhang gespillt hunn, sinn :

- D'Evolutioun vum Pëtrolspräis op den internationale Mäert an de Wiesselcours vum Dollar an dem Euro;
- D'Käschten vun de Pëtrolieren;
- D'Quantitéit an de Präis vun de Biocarburanten, déi dem Bensin respektiv dem Diesel laut den europäeschen Direktiven musse bäigemëscht ginn.

Duerch déi rezent Evenementer op den internationale Mäert an d'Onsécherheet, déi se mat sech bréngen, sinn d'Mäert ënner Drock, an dat huet een direkten Afloss op de Pëtrolspräis, deen sech dann och op der Pompel erëmispigelt.

Um Niveau vun den Biocarburanten ass et esou, dass am Joer 2020 den europäesche Kader eng Rei Obligatiounen fir de Pëtrolssektor mat sech bréngt, an dass dat een Impakt op d'Pëtrolspräisser iwwerall an Europa wäert hunn. Op där enger Säit handelt et sech dobäi em d'Direktiv iwwer d'erneierbar Energien, déi fir 2020 een Undeel vun op mannst 10% erneierbar Energien am Transportsektor virgesäit, an op där anerer Säit handelt et sech em d'Direktiv iwwer d'Qualitéit vum Carburant déi, fir 2020 (1. Januar - 31. Dezember), eng Reduktioun vu 6% vun den Treibhausgasen iwwer de Liewenszyklus vum Carburant virgesäit. Duerch d'Ëmsetzung geet den CO₂-Undeel um Carburant erof an domadder an eisem wichtegsten klimarelevante Sektor, der Mobilitéit, e konkrete Bäitrag zum Klimaschutz an zur Erfëllung vun eise Klimaziler geleescht.

Fir déi Ziler fir 2020 ze erreeche muss de Pëtrolssektor op Joresbasis ee méi groussen Undeel vu Biocarburant bäimëschen. Well de Präis vun de Biocarburante méi héich ass wéi de Präis vun de fossile Carburanten, reperkutéiert sech dëse méi héije Präis op de Carburant.

Anescht wéi vum Deputéierten a senger Fro indiquéiert ass de Bensin net em 5,3 Cent, mä em 3,3 Cent de Liter méi deier ginn. Ronn d'Halschent dovunner ass op déi uewe beschriwwen

Changementer bei de Biocarburanten zréckzeféieren. Beim Diesel maachen se ronn dräi Véierel vun der Hausse aus. De Brennes ass vun dësen neie Regelen allerdéngs net betrafft.

Et ass ze notéieren, dass déi aner EU-Memberstaaten déi selwecht Obligatiounen hunn, an et dowéinst och an den anere Memberstaaten zu Haussen komme wäert. Den Differenziell tëscht de Carburants-Präisser zu Lëtzebuerg an deenen an den Nopeschlänner dierft also viraussiichtlech net wesentlech beaflosst ginn, an d'Präisser op der Pompel zu Lëtzebuerg wäerten am EU-Verglach nach ëmmer niddereg sinn.

D'Regierung hëllt de Klimaschutz eescht a stellt sech hei hirer Verantwortung. Fir d'Klimaziler vun 2020 an 2030 ze erreechen, muss dës Präisënnerscheed mat de Nopeschlänner awer erfesat ginn, an d'Vente vu Carburanten un Autoen a Camionen am Transit zeréckgefuer ginn. Domadder gëtt iwweregens och de Camions-Transitverkéier, deen nieft ëmweltpoliteschen och verkéierspolitesch Problemer verursaacht, reduzéiert.

Wat de geneeë Moment an de Montant vun der Accisenerhéijung ugeet, déi d'Regierung am Dezember 2019 ugekënnegt huet, sou wäert d'Regierung d'Entwécklung op den internationale Marcheën an d'Präisser op der Pompel an eisen Nopeschlänner a Considéiratioun huelen.

D'Regierung huet elo schon eng Rei Measure geholl, fir d'Haussen am Beräich vun de fossilen Energien sozial ofzefiedere. Sou gouf décidéiert, d'Pendlerpauschal ("frais de déplacement"), anescht wéi am Regierungsprogramm virgesinn, um aktuellen Niveau ze beloossen. Donieft gëtt Co2-fräi Mobilitéit (Soft Mobilitéit, Elektro, Wasserstoff...) weider gefördert an d'Offer am Beräich vum ëffentlechen Transport weider ausgebaut. Et sief och drun erënnert, dass d'Pëtrolspräisser mat an de Wuerekerf vum Index erafléissen, woubäi déi lescht Tranche op dësen 1te Januar entfall ass.